2/2025

# de bulletin



## MIR PAKEN ET UN

**Editorial vum Patrick Remakel**
ELO geet et duer!

**Schoulschwammen**
Bartringen: Mira und Luka lieben ihre Schwimmstunden

**QP Nº 1945**
E Kommentar vum Claude Schmit

**Scheckiwwerreechung**
am Kader vun eiser Aktioun « Enseignant mat Häerz »

sne
syndicat national des enseignants
cgfp

Fir lech, mat lech, zesumme méi staark!



ROOM
Luxembourg

INDIVIDUELLE PLANUNG

BERATUNG

BEMUSTERUNG AUF WUNSCH

LIEFERUNG UND MONTAGE

SERVICE APRÈS-VENTE

# SCHULMÖBEL, DIE INSPIRIEREN!





11, Um Lënsterbierg - L-6125 Junglinster - Tel: 288 00 11 - info@room-luxembourg.lu - www.room-luxembourg.lu

# Sommaire

debulletin
2/2025

02 Editorial vum Patrick Remakel
ELO geet et duer!

06 Élections à la Chambre des fonctionnaires et employés publics - Résultats du Groupe 6

10 Question parlementaire N⁰ 1945
Fro an Äntwert

14 QP N⁰ 1945
E Kommentar vum Claude Schmit

18 Schoulschwammen
Bartringen: Mira und Luka lieben ihre Schwimmstunden

22 Scheckiwwerreechung
am Kader vun eiser Aktioun « Enseignant mat Häerz »

26 SNE Events
Réckbléck Bistrot littéraire:
«Serge Tonnar eleng op der Bün»

32 Buchtipp vum Vanessa Schetgen
Geschickte Hände

# Éditorial

## ELO geet et duer!

Fir d'alleréischt wollt ech eise Wielerinnen a Wieler e grousse Merci ausdrécken, dass si den SNE/CGFP bei de Wale fir d'«Chambre des fonctionnaires et employés publics» esou massiv gestäerkt hunn. En Zougewënn vu bal 30% bei de Stëmme par Rapport zu de leschte Wale schwätzt fir sech. Mat dësem Resultat konnt den SNE/CGFP och nees den 2. Sëtz, dee bei de leschte Wale ganz knapp verfeelt gouf, nees zeréckgewannen. Mat 2 vun 2 méigleche Sëtz fir den SNE/CGFP am Grupp 6 an am Ganzen 23 vu 24 Sëtz fir d'CGFP sinn esouwuel den SNE/CGFP wéi och seng Daachorganisatioun d'CGFP als eenzeg representativ Gewerkschaften an der «Fonction publique» bestätegt ginn.

D'Aarbecht vum SNE/CGFP aus de leschte Joren, no um Terrain an no bei den Enseignanten, ass vun iech, léif Membere wäertgeschätzt ginn. Dem SNE/CGFP war an ass et ëmmer wichteg, de Fanger an d'Wonn ze leeën, déi Punkte kloer unzeschwätzen, wou dréngend Handlungsbedarf besteet an awer och konstruktiv Léisungsvirschléi mat anzebréngen. Är staark Ënnerstëtzung bei de Walen huet eis confirméiert, dass mir als SNE/CGFP d'Haaptproblematiken erkannt hunn an un deene richtege Chantiere schaffen.

Aktuell ass d'Situatioun an eise Schoule ganz schwiereg a komplex. De Schoulbetrib gëtt am Moment - awer och schonn an der





**Mir brauchen och de politesche Wëllen an d'Bereetschaft vum Educatiounsministère, fir zesumme mat den Enseignanten eppes ze änneren.**

Vergaangenheet - nëmmen duerch den onermiddlechen, alldeeglechen Asaz an Engagement vun eis alleguer, den Enseignanten um Terrain, oprechterhalen. Vill vun eis schaffen un der Limitt an esouguer wäit doriwwer eraus. Et geet elo duer!

Dofir muss elo endlech de Revendicatiounen an den Doleancë vum Léierpersonal Rechnung gedroe ginn. Virun allem an zwee Haaptdossiere muss elo direkt gehandelt ginn:

- Den Encadrement vun den EBS-Kanner muss reforméiert a verbessert ginn. Et sief och drop higewisen, dass d'Wuelbefannen an d'mental Gesondheet vun den Enseignanten enk verknëppt si mat der Problematik vun der Betreiung vun den EBS-Kanner.
- D'Generalisatioun vum Projet Alpha an der aktueller Form a mat der aktueller Zäitschinn ass net realistesch a muss duerfir elo gestoppt ginn.

Mir brauchen elo direkt den Dialog mat de politesche Responsabelen.

### Mee Dialog eleng geet net duer!

Mir brauchen och de politesche Wëllen an d'Bereetschaft vum Educatiounsministère, fir zesumme mat den Enseignanten eppes ze änneren. Dobäi steet eng Reform vum Encadrement vun de Kanner mat spezifesche Besoinen un éischter Plaz. D'Politik ass eise Kanner, awer och eisen Enseignanten, dat schëlleg.

Den SNE/CGFP ass nach ëmmer der Meenung, dass eng Alphabetisatioun op Franséisch eng Léisung fir eng ganz Rei vun eise Kanner kéint sinn.

Aus deem Grond huet den SNE/CGFP sech enger Alphabetisatioun op Franséisch och grondsätzlech net verschloss an de Projet Alpha an de Pilotschoule mat groussem Interesse verfollegt. Wat mir awer brauchen, ass eng sënnvoll, gutt preparéiert an duerchduechten Alphabetisatioun op Franséisch. Dës déifgräifend Reform kann an däerf net iwwert de Knéi gebrach ginn, wa si dann erfollegräich soll sinn.

Wann een esou eng grouss Reform, wéi d'Alphabetisatioun op Franséisch wëllt duerchzéien, da muss een d'Enseignantë mat op seng Säit kréien. Dofir muss ee se mat abannen a sech awer och Gedanken iwwert den Zäitpunkt vun esou enger Reform maachen. Nëmme wann d'Schoule prett sinn an d'Enseignantë matzéien, kann dës Reform geléngen.

An engem Moment, wou d'Stëmmung an eise Schoulen net onbedéngt um Héichpunkt ass, an engem Moment, wou nach ëmmer net all Kand déi Hëllef kritt, déi et brauch, an engem Moment, wou vill Enseignantë mat der «Prise en charge» vu Kanner mat Verhalensopfällegkeeten elenggelooss ginn, an engem Moment, wou vill Enseignanten all Dag un hir Limitten an doriwwer eraus ginn, do muss ee sech dach wierklech d'Fro stellen, ob dat de richtegen Zäitpunkt ass, fir d'Enseignanten zousätzlech mat eppes Neiem, vun esou enger grousser Envergure ze konfrontéieren an ze belaaschten.

### Fir eis ass d'Äntwert kloer : Neen, et ass definitiv net de Moment!

Mir fuerderen den Educatiounsministère op, mat eis, dem SNE/CGFP, iwwert eng Verbesserung vum Encadrement vun den EBS-Kanner esou wéi iwwert d'Zäitschinn an awer och d'Modalitéite vun der Generalisatioun vum Projet Alpha op Landesniveau ze diskutéieren an ze negociéieren.

Mir si bereet! De Ball läit net bei eis, mee bei de politesche Responsabelen.









Patrick Remakel,
President SNE/CGFP



Élections à la Chambre des fonctionnaires et employés publics

# Sozialwalen 2025

## E grousse Merci fir Äert Vertrauen an Ären Optrag




**Vanessa Schetgen, Patrick Remakel, Gilles Glesener, Christian Kohnen**

Mäi Choix

sne syndicat national des enseignants cgfp



**Groupe 6**

**Différentes fonctions d'instituteurs et d'instituteurs spécialisés de la catégorie de traitement A de la rubrique « Enseignement » et les fonctionnaires de la catégorie de traitement B de la rubrique « Enseignement »**

Nombre d'électeurs : 8548

Nombre d'enveloppes rentrées dans le délai légal : 4818

Nombre d'enveloppes de transmission considérées comme non valides : 4

Nombre d'enveloppes de transmission considérées comme valides : 4814

Nombre d'enveloppes électorales considérées comme non valides : 29

Nombre d'enveloppes électorales considérées comme valides : 4785

Nombre de bulletins électoraux considérés comme non valides : 185, dont 61 blancs.

Nombre de bulletins électoraux considérés comme valides : 4600

**Numéro d'ordre : 6**

**Dénomination : CGFP - SNE**

| | Candidats | Suffrages de liste | Suffrages nominatifs | Total |
|---|---|---|---|---|
| 1 | REMAKEL Patrick | 2785 | 848 | 3633 |
| 2 | GLESENER Gilles | 2785 | 527 | 3312 |
| 3 | KOHNEN Christian | 2785 | 315 | 3100 |
| 4 | SCHETGEN Vanessa | 2785 | 354 | 3139 |
| Total | | 11140 | 2044 | 13184 |

**Numéro d'ordre : 10**

**Dénomination : SEW / OGBL**

| | Candidats | Suffrages de liste | Suffrages nominatifs | Total |
|---|---|---|---|---|
| 1 | CALDARELLA WEIS Marvin | 945 | 270 | 1215 |
| 2 | DAME Joëlle | 945 | 413 | 1358 |
| 3 | EICHENSEHER Anne-Marie | 945 | 174 | 1119 |
| 4 | SCHONS Olivier | 945 | 211 | 1156 |
| Total | | 3780 | 1068 | 4848 |

**JOURNAL OFFICIEL** du Grand-Duché de Luxembourg

MEMORIAL B – 1847 du 22 avril 2025

**Groupe 6**

| <u>Listes</u> | <u>Suffrages</u> |
|---|---|
| Liste 6 | 13184 |
| Liste 10 | 4848 |
| Total | 18032 |

<u>Nombre électoral</u> : 18032 / (2+1 = 3) = 6011

1) 13184 / 6011 = 2,19 → 2 sièges effectifs et 2 sièges suppléants sont attribués à la liste 6

<u>Sièges attribués</u>

| | |
|---|---|
| Nombre de sièges attribués à la liste 6 : | 2 |
| Nombre de sièges attribués à la liste 10 : | 0 |
| Total des sièges : | 2 |

<u>Sont élus au groupe 6</u> :

| | |
|---|---|
| Membres effectifs : | Patrick REMAKEL |
| | Gilles GLESENER |
| Membres suppléants : | Vanessa SCHETGEN |
| | Christian KOHNEN |

sne
syndicat national des enseignants cgfp

Gëff Member beim sne/cgfp!

Fir lech, mat lech, zesumme méi staark!

www.sne.lu



N°1945
Entrée le 14.02.2025
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Claude Wiseler
Luxembourg, le 17.02.2025
Chambre des Députés

LSAP

Monsieur Claude Wiseler
Präsident vun der Chamber

Lëtzebuerg, de 14. Februar 2025

Här Präsident,

sou wéi den Artikel 80 vum Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un de Minister fir Educatioun, Kanner a Jugend an un den Inneminister weiderzeleeden.

An enger rezenter Emissioun vu „Background am Gespréich" iwwer de Lëtzebuerger Schoulsystem, huet de SNE-Präsident drop insistéiert, dass fir d'Ëmsetzung vum Projet „Alpha Zesumme wuessen – alphabétisation en français", méi Personal a méi Klassesäll gebraucht ginn, wann en effektiv ab 2026 flächendeckend op d'Grondschoul ausgeweit gëtt.

Den Educatiounsminister selwer sot, dass schätzungsweis 150 zousätzlech Klassesäll an den 100 Schoulen am Land géife gebraucht ginn. Wa sech de Besoin un zousätzleche Säll also géif gläichméisseg iwwer d'Land verdeelen, géif dat heeschen, dass all Schoul iwwert déi nächst sechs Joer annerhallwe Sall bäikréie misst, sou de Minister.

Et ass allerdéngs evident, dass kleng Schoule proportional méi belaascht wäerte ginn. Grad a klenge Gemengen, wou et pro Joergang just eng Klass gëtt, wäerte méi wéi just annerhallwe Sall gebraucht ginn, fir esouwuel eng Alphabetiséierung op Franséisch wéi och op Däitsch assuréieren ze kënnen. An och fir méi grouss Gemenge kann et eng Erausfuerderung sinn, fir zousätzleche Schoulraum ze schafen, an dat an Zäiten, wou vill Schoulgebaier souwisou schonn un de Limitte vun hire Kapazitéite sinn.

An deem Kontext wéilt ech dem Minister follgend Froe stellen:

- Huet d'Regierung scho Kontakt mat de Gemengen opgeholl, fir eraus ze fannen, wéi eng Gemengen net am Stand sinn, fir bis 2026 déi néideg Klassesäll zur Verfügung ze stellen? Wa jo, wéi vill Schoulen si betraff a wéi eng Léisunge ginn envisagéiert?
  Wann nee, envisagéiert d'Regierung, fir de Projet Alpha ëmzesetzen eng gemeinsam Approche mat de Gemengen? Wéi géif déi Approche ausgesinn?



Groupe parlementaire du LSAP
34, rue du Marché-aux-Herbes
L-1728 Luxembourg
Tél: (+352) 22 59 14-1
Fax: (+352) 22 59 14-82
lsap@chd.lu
lsap.lu

- Wéi plangt d'Regierung ze garantéieren, dass all Kand am Land – onofhängeg vun der Gemeng an där et wunnt – d'Méiglechkeet kritt, tëscht enger Alphabetiséierung op Franséisch oder Däitsch ze wielen?
- A wéi ville Gemenge sinn aktuell nei Schoulgebaier am Bau? Wéi vill zousätzlech Klassesäll ginn duerch sou Projete bis 2026 disponibel?
- Hunn dës Schoule genuch Kapazitéiten, fir och dem zousätzleche Besoin u Säll, deen am Fall vun enger flächendeckender Ëmsetzung vum Projet Alpha entstoe wäert, gerecht ze ginn, oder sinn dës Schoule virun hirer Fäerdegstellung eigentlech schonn nees ze kleng?
- Wéi eng Pläng ginn et, fir d'Personal beschtméiglech op déi nei Ufuerderunge bei enger Alphabetiséierung op Franséisch virzebereeden?
- Wéi vill zousätzlech Poste ginn am Enseignement fondamental fir d'Ëmsetzung vum Projet Alpha an absolutten a relativen Zuele gebraucht?

Mat déiwem Respekt,

Francine Closener
Députéiert



Groupe parlementaire du LSAP
34, rue du Marché-aux-Herbes
L-1728 Luxembourg
Tél: (+352) 22 59 14-1
Fax: (+352) 22 59 14-82
lsap@chd.lu
lsap.lu

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Éducation nationale,
de l'Enfance et de la Jeunesse

**Gemeinsam Äntwert vum Minister fir Educatioun, Kanner a Jugend, Claude Meisch, a vum Inneminister, Léon Gloden, op d'parlamentaresch Fro Nr. 1945 vun der honorabeler Deputéiert Francine Closener**

**Ad 1)**

Am Kader vum Plangen vun enger eventueller nationaler Verallgemengerung vum Projet Alpha hu meng Servicer déi Schoulen identifizéiert, déi reng op Basis vun hirer aktueller Klassekonstellatioun, riskéieren, eventuell weider Klassesäll ze brauchen. Et handelt sech dobäi virun allem ëm Gebaier, an deenen keng zwou Klasse pro Joergang beschoult ginn; deemno ëm kleng Gebaier, wéi et se nach just vereenzelt gëtt. Op der Basis vu Modelliséierungen déi gemaach goufen, gëtt de raimlechen Opwand op 150 Klassesäll geschat déi an deenen 100 Gemengen bis zu enger kompletter Ëmsetzung gebraucht géinge ginn. Dat sinn deemno am Duerchschnëtt nëmmen ee bis zwee Klassesäll pro Gemeng. Déi jeeweils zoustänneg Regionaldirektiounen vun de concernéierte Schoulen goufen heiriwwer informéiert an analyséieren elo zesumme mat de Schoulen an de Gemengenautoritéiten am Detail, déi lokal Situatiounen.

**Ad 2)**

Wéi am Ad 1) schonn erkläert, kruten d'Regionaldirektiounen den Optrag, fir zesumme mat de Gemengen déi Raimlechkeeten ze identifizéieren, ze amenagéieren a gegeebenefalls ze kreéieren, fir datt et an all Schoul déi néideg Raimlechkeete gëtt, fir eng Alphabetiséierung op Däitsch an op Franséisch kennen unzebidden.

**Ad 3) a 4)**

Déi national Verallgemengerung vum Projet *ALPHA – "zesumme wuessen"* wäert an Etappen ëmgesat ginn. Esou soll, virausgesat, datt déi wëssenschaftlech Evaluatioun weiderhi positiv ass, en éischte Schrëtt fir déi national Ëmsetzung vum Projet am Schouljoer 2026/2027 am Cycle 1.2 gemaach ginn. Fir d'Ufanksphase vum Projet *ALPHA – "zesumme wuessen"* am Cycle 1 si keng weider Klassesäll néideg an de Gesamtbesoin un eventuellen zousätzleche Klassesäll besteet, bedéngt duerch déi gestaffelt Aféierung, fréistens fir d'Schouljoer 2030/2031.

De Gemenge bleift deemno déi néideg Zäit, fir, falls net genuch Schoulraum zur Verfügung stoe géif, mam Educatiounsministère (MENJE) zesummen déi passend Mesuren en place ze setzen, fir sécher ze stellen, datt de Projet *ALPHA – "zesumme wuessen"* flächendeckend kann ëmgesat ginn.

**Ad 5)**

An éischter Instanz sief hei bemierkt, datt mir schonn haut Léierpersonal hunn, déi am Kader vun hirer Grondausbildung geléiert hunn entweder op Däitsch oder op Franséisch ze alphabetiséieren.

De Parcours de formation *ALPHA – "zesumme wuessen"*, erlaabt de Participanten, hir Kompetenzen an dëser spezifescher Thematik ze verdéiwen, sech mat Experten auszetauschen, verschidde Léierformater ze entdecken an an engem dynamesche pädagogesche Netzwierk ze evoluéieren. Déi éischt Editioun huet am Oktober 2023 ugefaangen, mat 87 Enseignanten, déi drun deelgeholl hunn. Mëttlerweil si mir bei der drëtter Editioun vum Parcours *ALPHA – "zesumme wuessen"* a weider Editiounen si geplangt, dorënner een exklusiv fir de Cycle 1 deen am Mee uleeft.



Doriwwer eraus gëtt eng breet Palette u Formatiounen am Kader vun *ALPHA – "zesumme wuessen"* ugebueden, déi fir all Enseignante zougänglech sinn:

- national Formatiounen a Konferenzen;
- Formations sur mesure fir Schoulen;
- eng Begleedung vun de Schoulen duerch d' I-DS;
- Hospitatiounsangeboter an Austauschmomenter fir Enseignanten, Schoulcomitéeën an Direktiounsekippen;
- Ressourcen an Temoignagen vu Bonnes pratiques.

D'Formatiounsoffer gëtt lafend ausgebaut an dat op Basis vun de Feedbacke vun de Participanten an de festgestallte Besoinen um Terrain.

Déi ganz Offer fënnt een ënnert: ***Offre de formations et d'accompagnement « ALPHA – zesumme wuessen »***

**Ad 6)**

Léisst een déi positiv Effekter, déi ee sech laangfristeg vum Projet *Alpha – Zesumme wuessen* erwaart, ausser Uecht, da weisen d'Berechnungen vun de Servicer vum MENJE, datt fir eng national Generalisatioun vum Projet Alpha bis d'Schouljoer 2030/2031 insgesamt 98 nei Poste am Enseignement fondamental néideg sinn. Dëst entsprécht 13,6 % vun allen Posten, déi an dësem Zäitraum musse kreéiert ginn. Allerdéngs kann een dovunner ausgoen, datt d'Generalisatioun vun der Méiglechkeet vun enger Alphabetisatioun op Franséisch oder Däitsch à moyen terme dozou féiere wäert, datt et zu enger Reduzéierung vun den Allongementer kënnt. Heiduerch kann d'Dauer vun de schoulesche Parcoursen vun de concernéierten Schüler verkierzt ginn, wouduerch dann de Schätzunge no 80 Posten nees kennen agespuert ginn. De reelle Besoin u weidere Posten beleeft sech deemno schätzungsweis op 18 Posten, wat 2,8 % vun allen Posten entsprécht, déi an dësem Zäitraum musse kreéiert ginn.

Lëtzebuerg, de 17. Mäerz 2025

De Minister fir Educatioun,
Kanner a Jugend

(s.) Claude MEISCH

# QP1945 - E Kommentar

## vum Claude Schmit

Normalerweis si «Questions parlementaires» selbsterklärend a brauchen och keng déifgräifend Analys. Intressant gëtt et awer dann, wa sech duerchgeeënd op Vermutungen a «Best case»-Zenarioe gestützt gëtt. Ech erkläre mech:

**Ad 1)** Et gëtt geschat, dass pro Gemeng 1-2 Klassesäll zousätzlech gebraucht ginn (et geet ëmmer riets vun 100 Gemengen). Vill méi interessant wier et awer hei de konkrete Besoin pro Schoul ze analyséieren - am Reegelfall wäerten d'Kanner jo net vun engem Gebai an dat anert zirkuléiere fir e Cours ze hunn, et geet also net duer, hei mat Moyennen ze schaffen. Wann een dovunner ausgeet, dass pro Gebai ab der Rentrée 2030/2031 insgesamt 4 Joergäng pro Gebai sollen op D an FR alphabetiséiert ginn, dann erschéngt d'Zuel vun 150 zousätzleche Klassesäll zimmlech optimistesch. Hei gëtt bewosst (oder onbewosst) de Bevëlkerungswuesstem, d'Migratioun, d'Differenzéierung, den «Appui pédagogique» an d'Ënnerstëtzung vun anere Persounen (ESEB, «Centres de compétences» etc.) mol ausser uecht gelooss.

**Ad 3) a 4)** Erstaunlech. De ganze Projet (oder Reform) Alpha soll op enger wëssenschaftlecher a politesch onofhängeger Begleedung foussen an ëmgesat ginn. Den interesséierte Lieser huet awer bis dato (Stand 9. Mee 2025) keng eenzeg fundéiert Basis fonnt, dass déi FR Alphabetiséierung en Erfolleg ass. Jo, et gi positiv Ausblécker, d'SchülerInnen si forcement mei motivéiert an enger Sprooch alphabetiséiert ze ginn, déi hirer Mammensproch vermeintlech méi no ass (Fakt: knapps 10% vun de lëtz. SchülerInnen hunn FR als Mammesprooch). Mee wann ee sech d'Rapporten am Detail duerchliest, gëtt ganz vill mam Conditionnel geschafft an et gi keng eendeiteg Resultater, déi fundéiert beweisen, dass d'Kanner doduerch méi Chancen an eisem System hu wéi bis elo. Schwaach SchülerInnen wäerte leider och mat enger FR Alphabetiséierung schwaach SchülerInnen bleiwen, an eise Schoulsystem bitt deene Kanner nach ëmmer keng Solutiounen. Frappant ass an dësem Kontext, dass mir bis dato nach keng SchülerInnen hunn, déi am C4 ukomm sinn an deemno och net kënnen explizit beleeën, dass d'SchülerInnen dono op engem Niveau wäerte sinn, fir am «Tronc commun» schoulesch ze iwwerliewen. Wéi gesäit et aus mam Secondaire? Wat sinn do d'Strategien, fir dës Kanner an de System opzehuelen an hinne gutt Zukunftsaussiichten ze sécheren?

**Ad 6)** Et gi sech positiv Effekter erwaart. Gutt, dëst wäert jo hoffentlech och fir dës Kanner antrieden. Wat awer dann erstaunt, ass d'Erwaardung, dass mir duerch dës Mesure wäerten d'Allongementer reduzéieren. Et geet riets vun 98 zousätzlechen Enseignanten, déi misste bis 2031 agestallt ginn. Wuelwëssend, dass et elo scho schwéier ass, iwwerhaapt genuch motivéiert an ausreichent qualifizéiert Leit ze fannen, fir de Schoulbetrib oprecht ze erhalen. De Berechnunge vum Menje no reduzéiert sech dës Zuel awer substanziell, well d'Kanner besser Schoulresultater wäerten




hunn. Et ass sech sécher schwéier virzestellen, wei Kanner, déi déi FR Filière wäerten duerchlafen, dono sollten di grammatesch Feinheete vum Däitschen am C4 erkennen a konjugéieren.

Des Weidere gëtt hinnen de «Bain langagier» entzunn, andeems dass déi «gutt» SchülerInnen am D net wäerte mat hinne D maachen, mee an där anerer Filière (d'selwecht fir déi, déi am klasseschen D System alphabetiséiert ginn, net méi déi gutt FR SchülerInnen am FR bei sech hunn). Do wäert eis e klasseschen Avantage vum Lëtzebuerger Schoulsystem verluer goen (zumindest bis zum Cycle 4.1). De Prinzip vum «more capable peer» an der Sprooch ass domadder obsolet, wat am Sproochenunterrecht zwar da méi homogen Klasse produzéiert, awer net onbedéngt fir besser Léierkonditioune wäert suergen.

Wat sinn d'Repercussiounen dovunner? Et bleiwe ganz vill Froen op, déi eng duerchduechte Bewäertung brauchen. Et ginn net genuch SchülerInnen déi aktuell op FR alphabetiséiert ginn, fir treffend Aussoen fir de ganzen System kënnen ze treffen. Firwat net nach ofwaarden an dat ganzt op gesond Bee stellen? Firwat net en Opruff maachen u Schoulen / Gemengen, déi bereet sinn, mat op de Wee ze goen an esou eng breet Zoustëmmung ze generéieren? Wat sollt de Gewënn sinn (ausser sech e politescht Denkmal ze setzen), fir elo zu dësem Zäitpunkt, wou eis Schoul eng Hellewull aner Suergen huet esou eng déifgräifend Reform duerchzeboxen?



De Claude Schmit
ass I-DS, Instituteur spécialisé
en développement scolaire
a Member vum Comité central
vum SNE/CGFP.




# LUX DIDAC 2025

**Lieu:** Centre Culturel de Bonnevoie
rue des Ardennes
L-1133 Luxembourg/Bonnevoie

**14-16 octobre 2025**

**Foire de matériel didactique**
Exposants nationaux et internationaux

**Formations continues**
sous forme de Conférences et Workshops

**Heures d'ouverture**
14.10.2025 de 13h30 - 20h00
15.10.2025 de 13h30 - 18h00
16.10.2025 de 13h30 - 18h00

organisée par

sne syndicat national des enseignants cgfp

FÉDUSE Enseignement CGFP

**Visite LuxDidac = 1 heure IFEN Formation**
Inscription après le 1er septembre 2025

# Schoulschwammen

Et ass ee Fait, datt et an eise Gemengen net genuch Lehrschwimmbecken fir d'Schüler aus de Grondschoule gëtt.

Sou ass et net verwonnerlech, datt d'Organisatioun vum Schwammunterrécht a ville Grondschoulen all Joers eng grouss Erausfuerderung ass:

- d'Schüler musse mam Bus an eng gréisser Regionalschwämm gefouert ginn. D'Dauer vum Transport fir an d'Schwämm bréngt mat sech, datt d'Kanner net laang am Waaser kënne sinn;
- et ass net genuch Plaz fir all d'Klassen an der Schwämm: vill Klassen kënnen doduerch nëmmen all zweet Woch schwamme goen;
- et gëtt keen adequat "Lehrschwimmbecken" an der Schoul respektiv an der Gemeng.

Zum Gléck hu mir awer och Plazen an eisem Land, wou d'Kanner aus der Grondschoul flott Méiglechkeeten hunn fir schwammen ze léieren.

Sou wéi d'Beispill hei niewendrunn et weist, misst d'Situatioun an d'Infrakstruktur fir d'Schoulschwammen eigentlech an all Gemeng fir d'Grondschoulschüler sinn.



## Bartringen: Mira und Luka lieben ihre Schwimmstunden

Bartringen – Mira und Luka, beide 7 Jahre alt, lieben das Wasser. Seit ihrem dritten Lebensjahr nehmen sie regelmäßig am Schwimmunterricht teil, der von ihrer Schule und der Gemeinde Bartringen organisiert wird. Jede Woche verbringen sie eine Stunde im wohltemperierten Wasser des Hallenbades – bei angenehmen 33 Grad. Ihre Fortschritte sind beeindruckend: Mittlerweile schaffen sie schon 7 Meter ohne Schwimmhilfe.

Die enge Zusammenarbeit zwischen Lehrerin und Schwimmlehrer macht den Unterricht besonders effektiv. „Unsere Lehrerin kennt uns gut und gibt dem Schwimmlehrer hilfreiche Tipps, damit wir noch besser schwimmen lernen", erzählt Mira stolz.

„Wir freuen uns jede Woche auf unsere Schwimmstunde", sagen die beiden Kinder mit strahlenden Augen. „Es macht so viel Spaß, und wir lernen immer besser zu schwimmen!"

Die beiden haben auch schon Pläne für die Zukunft: Dieses und nächstes Jahr verbessern sie weiter ihre Fähigkeiten in Bartringen. Danach steht ein Wechsel in die Thermen nach Strassen an, wo sie noch anspruchsvollere Schwimmtechniken üben werden.

## Dank an die Gemeinde Bartringen

Mira und Luka sind sich bewusst, dass ihr Glück nicht selbstverständlich ist. Sie möchten der Gemeinde Bartringen und den Gemeindeverantwortlichen für die Errichtung des modernen Hallenbades danken. „Ohne dieses Bad könnten wir das alles nicht lernen", sagt Mira. Auch die Eltern der beiden Kinder sind voller Lob für die Gemeinde: „Das Schwimmbad ist nicht nur eine Investition in die Infrastruktur, sondern auch in die Zukunft unserer Kinder."

## Kreative Motivation: Abzeichen und Badetücher

Um den Kindern noch mehr Ansporn zu geben, hat der Schöffenrat eine besondere Idee umgesetzt: Jedes Kind erhält ein personalisiertes Badetuch mit vorgedruckten Abzeichen in Schwarz-Weiß. Sobald die Kinder einen Schwimmtest bestehen, bekommen sie das entsprechende Abzeichen in Farbe, das sie dann stolz auf ihr Badetuch aufbügeln können.

„Das motiviert die Kinder ungemein", erklärt ein Mitglied des Schöffenrats. „Sie freuen sich darauf, ihre Fortschritte sichtbar zu machen und ihre Erfolge mit nach Hause zu nehmen."

## Ein Vorbild für andere Gemeinden

Die Geschichte von Mira und Luka zeigt, wie wichtig frühzeitige Schwimmausbildung ist – nicht nur, um den Kindern Freude am Wasser zu vermitteln, sondern auch, um ihre Sicherheit zu erhöhen. Das vorbildliche Engagement der Gemeinde Bartringen könnte andere Gemeinden inspirieren, ähnliche Programme zu entwickeln.

Für Mira und Luka ist eines schon jetzt klar: Sie wollen eines Tages richtig große Strecken schwimmen – und mit dem Grundstein, der in Bartringen gelegt wurde, ist dieses Ziel greifbar nah.

Mira und Luka sind begeistert von ihrem Schwimmunterricht und erzählen oft in der Familie davon. Besonders ihre Cousine, die in einer anderen Gemeinde lebt, ist ein wenig neidisch. Sie hat nur alle zwei Wochen Schwimmunterricht – und das auch noch in kaltem Wasser. „Sie mag ihre Schwimmstunden überhaupt nicht und kann noch keine sieben Meter im tiefen Wasser ohne Schwimmhilfe schwimmen", berichtet Mira.

**Autor: Schwammmeeschter Luc Laux**

MNM
MUSÉE NATIONAL DES MINES RUMELANGE

Entdeckt 3 km Minn mat der Gouwebunn & zu Fouss







- fir Gruppen bis 31 Leit an interactiv Visitte fir d'Kanner dat ganz Joer
- fir indiviuell Visiteuren vun Abréll bis Juni an am September: vun Donneschdes bis Sonndes
- am Juli an August: vun Dënschdes bis Sonndes
- vum Januar bis Mäerz an Oktober bis Dezember all Sonndeg

Detailléiert Informatiounen: **www.mnm.lu**

**Méi séier informéiert**

Suivéiert d'CGFP op **Twitter**

**@Cgfp_lu**

boesner perl auf **3.200 m²** alles was kunst braucht

**boesner GmbH Perl**
Nenniger Str. 10
D-66706 Perl-Besch
Tel. 0049 68 67 - 9 11 00
perl@boesner.com







100 STATIONS INTERACTIVES

20 SPECTACLES SCIENTIFIQUES

**SORTIES SCOLAIRES**
www.science-center.lu
GRATUIT pour les écoles publiques (Lux.)

Lundi – Vendredi
9h00 - 17h00
Samedi, Dimanche & jours fériés
10h00 - 18h00

DIFFERDANGE
1, rue John Ernest Dolibois
LUXEMBOURG+352 28 83 99 1

# Scheckiwwerreechung
## am Kader vun eiser Aktioun « Enseignant mat Häerz »














LEARNING by DOING

Dir fannt wéi gewinnt e grousse Choix un didakteschem Material,
Schreiw- a Bastelbedarf, sou wéi pädagogesch Spiller bei eis am Buttek.

Coming soon : Eisen Online-Shop
**Timetex.lu** an Zesummenaarbecht mat TimeTEX



30, avenue François Clément L-5612 Mondorf-les-Bains
+352 26 67 19 25 - info@lbd.lu - www.learning-by-doing.lu
Méindes bis Freides vu 9 bis 12 Auer an 13:30 bis 18 Auer

# Réckbléck Bistrot littéraire: «Serge Tonnar eleng op der Bün»



«Wann de Serge Tonnar eleng op der Bün steet, gi seng Lidder op dat Néidegst reduzéiert: eng Gittar an eng Stëmm. Dat ass d'Geleeënheet, fir hien, seng Lidder op Häerz an Nieren ze préiwen, a fir de Publikum, se an enger intimer an ursprénglecher Form ze erliewen.»

Sou stoung et an der Ukënnegung fir eise Bistrot littéraire vum Méindeg, dem 5. Mee 2025. A knapp 30 Memberen haten d'Méiglechkeet, de Serge Tonnar live am «Bovary» ze erliewen an ze préiwen, wat domat gemengt ass. Lass goung et mat engem Glas Crémant (oder soss eppes) um Dësch an akustesch natierlech mat engem vu senge bekanntste Lidder: de «Crémant an der Chamber». Duerno goung et 90 Minutte laang nonstop weider, deels nodenklech, deels lëschteg, awer déi ganz Zäit musikalesch. Wien de Serge Tonnar kennt, war net verwonnert, datt seng Lidder all méiglech Themen ofdecken: Mamm a Bomi, Autosaccidenter a Krich, Burnout a Vakanz asw.. Dobäi huet de Serge sech déi ganz Zäit selwer begleet: meeschtens op der Gittar, heiansdo um Piano an och emol op der Ukulele. «Elo sangen ech e klengt Lidd, duerfir huelen ech dann déi kleng Gittar! »

De Publikum war faszinéiert, datt hie säi Programm net vun der Bün aus gespillt huet, mee datt hie quasi déi ganz Zäit duerch de Bistro getréppelt ass, mat de Gäscht interaktéiert huet an d'Leit och méi wéi eng Kéier zum Matsangen invitéiert huet. Et huet ee sech bal an d'Zäit vun der «Chorale des instituteurs réunis» zeréckversat gefillt.

Vill ze séier war d'Zäit ëm. Mee de Concert konnt net ophalen, ouni datt de Serge säi wuel populäerst Lidd, «Belsch Plaasch», zum Beschte ginn huet. «Bleift nach eng Weil» war eent vu senge leschte Lidder, an dat hunn eis Gäscht nom Enn vum Concert dann och gemaach; mat e puer Tapas an engem leschte Patt goung dëse ganz flotte «Bistrot littéraire» op en Enn.







# Musée de l'Ardoise Martelange

## « LIEWEG GESCHICHT... »

Erlieft d'Geschicht vum Schifer – vu senger Entsteeung an dem Ofbau, iwwert d'Veraarbechtung bis hin zum fäerdege Produkt.

## DE SCHIFEROFBAU

Géint Enn vum 18. Joerhonnert sinn déi éischt ënnerierdesch Galerien am haitegen Uewermaartel entstanen. Doraus hu sech verschidde Betriber entwéckelt, déi Famillje gehéiert hunn a schonn Enn vum 19. Joerhonnert méi wéi 6 Milliounen Daachschiferplacke pro Joer produzéiert hunn. Ufanks gouf de Schifer nach mat Piosch an Hummer ofgebaut, mee spéider erliichtert mat Pressloft gedriwwent Ekipement ëmmer méi den Ofbau. An e puer Galerie goufen an der zweeter Hallschent vum 19. Joerhonnert och Dampmaschinnen agesat, fir de Steen un d'Dagesliicht ze bréngen a Maschinnen unzedreiwen.

Zu Uewermaartel hu vun 1890 un d'Bridder Rother – eng däitsch Industriellefamill – all Grouwen wéi och d'Wunnhaiser am Duerf opkaaft. Ausschlaggebend fir dës Investitioune waren déi villverspriechend Schiferreserven zu Uewermaartel souwéi den Uschloss un d'Schmuelspuerbunn Jhangeli, fir den Export vun de Produiten a fir d'Liwwerung vu Material ze garantéieren. Ronderëm 1900 hu ronn 600 Aarbechter zu Uewermaartel geschafft.

Am Éischte Weltkrich konnt de Betrib weider funktionéieren, well d'Besatzer d'Industrie als krichswichteg agestuuft hunn. Vun den 1930er Jore u gouf de Verkaf méi schwaach – parallel zur weltwäiter Wirtschaftskris. Och am Zweete Weltkrich gouf weider geschafft. No 1945 hu verschidden däitsch Krichsgefaangener an de Schifergrouwen Aarbechtsdéngscht geleescht.

No 1960 gouf de Réckgang vun der Lëtzebuerger Schiferindustrie ëmmer méi däitlech. Nei Materialie fir Daachdeckung souwéi de Gebrauch vu bëllege Schiferplacken aus dem Ausland hunn den heemesche Schifer ëmmer méi verdrängt. 1986 huet déi lescht Lëtzebuerger Schifergruben zougemaach.

## DE MUSEESOPBAU

No der Schléissung vun der leschter Schifergrouf am Joer 1986 louch d'Gebitt ronderëm Uewermaartel brooch. Fir dass dëse wichtege Bestanddeel vun eiser Industriegeschicht net vergiess gëtt, hu sech 1992 verschidde Bierger aus de Nopeschdierfer zesummegedoen a si hu Frënn vun der Lee a.s.b.l. gegrënnt. Hiert Zil war et, d'Grouwen zu Maartel nees lieweg a se fir Visiteuren zougänglech ze maachen.

*(Quell: www.ardoise.lu)*





### Musée de l'Ardoise Martelange: « Unter Tage »

**Zilgrupp:** all Membere vun SNE an hir/e Conjoint/e; Prioritéit fir Memberen ab 55 Joer

**Dauer:** 120 Minutten; duerno offréiert den SNE e Patt an e klenge Maufel

**Datum:** Dënschdeg, de 17. Juni 2025 um 15h30

**Plaz:** Musée de l'Ardoise, Haut.Martelange

**Zuel: maximum** 25 Persounen

**Umeldung: events@sne.lu oder 48 11 18-1**
**bis spéitstens Freideg, 30. Mee 2025 um 16h00.**

(D'Participantë kréie per Mail eng Confirmatioun; eng Waardelëscht gëtt gefouert.)

**Opgepasst:** Fest Schong an eng Jackett !!!

Dës Visite ass **NET** méiglech fir Persoune mat beschränkter Mobilitéit.

Weider Detailer: www.ardoise.lu

(Andeem ee sech fir dës Aktivitéit umellt, ass een automatesch averstanen, dass een op enger Foto am Bulletin oder op den elektronesche Säite vum SNE/CGFP ka gesi ginn.)

MUSÉE DE L'ARDOISE

# D'Péitruss– an Uelzechtdäller:

## e Wee voller Inspiratioun an Innovatioun

Dëse Wee luet dozou an, eng Landschaft am Prozess vun der Renaturéierung nei ze entdecken an ze erfuerschen – do, wou Waasser a Vegetatioun hir Plaz zeréckfannen an en neit natierlecht Gläichgewiicht entsteet. Loosst Iech vum Rausche vum Floss droen, beobacht d'Metamorphos vun dësem geschützte Raum a genéisst eng richteg Oas vun der Rou.

Tëscht Vergaangenheet a Zukunft erënneren d'Iwwerreschter vun der Festung un d'Geschicht vum Site, wärend innovativ Initiativen a landschaftlech Installatiounen d'Zukunft matgestalten an op déi grouss global Erausfuerderunge vun eiser Zäit äntweren.

Eng eenzegaarteg Geleeënheet, fir ze erfuerschen, wéi Natur an nohalteg Stadentwécklung zesummeschaffen, fir d'Stad nei ze denken. E Spadséiergang voller Inspiratioun, fir ze reflektéieren, ze staunen a sech op d'Weesentlecht vun der Landschaft zeréckzebesënnen

*(Quell: luga.lu)*

*(Fotoen: © Pierre BK / Luxembourg City Tourist Office)*

**LUGA : Luxembourg Urban Gardens**
**« TOUR OF THE VALLEYS »**

**Zilgrupp:** all Membere vun SNE an hir/e Conjoint/e; Prioritéit fir Memberen ab 55 Joer

**Dauer:** 120 Minutten; duerno offréiert den SNE e Patt

**Datum:** Dënschdeg, den 30. September 2025 um 15h00

**Plaz:** LCTO, Knuedler; Lëtzebuerg

**Zuel: maximum** 20 Persounen

**Umeldung: events@sne.lu oder 48 11 18-1**
**bis spéitstens Dënschdes, de 16. September 2025 um 16h00.**

(D'Participantë kréie per Mail eng Confirmatioun; eng Waardeléscht gëtt gefouert.)

Dës Visite ass **NET** méiglech fir Persoune mat beschränkter Mobilitéit.

**Weider Detailer:** www.luga.lu

(Andeem ee sech fir dës Aktivitéit umellt, ass een automatesch averstanen, dass een op enger Foto am Bulletin oder op den elektronesche Säite vum SNE/CGFP ka gesi ginn.)

**Save the Date**

**Bistrot littéraire:**
Méindeg, de **17.11.2025** vun 18.00 bis 21.00 Auer





# Buchtipp

Auteur : Vanessa Schetgen

## Geschickte Hände

**Handgeschicklichkeit bei Kindern**
**Spielerische Förderung von 4-10 Jahren**

**Autoren:** Sabine Pauli
Andrea Kisch




Heiansdo hunn ech den Androck, datt net nëmmen an der Gesellschaft, mee och an der Schoul ëmmer alles méi séier dréint. Den Drock ass grouss, d'Kanner sollen ëmmer méi léieren, am beschten alles esou fréi ewéi méiglech. Wann Elteren da schonn am C1 froen, ob d'Kanner net scho missten d'Schreifschrëft léieren, denken ech, datt villäicht éischter misst un enger stabiller Basis geschafft ginn, op där een opbaue kann. Wann et zum Beispill ëm d'Fein- a Graphomotorik geet, ass et wichteg, dat geziilt opzebauen an ze fërderen.

Heifir eegnen sech d'Bicher vum Andrea Kisch a Sabine Pauli immens gutt.

An hirem Buch „Geschickte Hände: Handgeschicklichkeit bei Kindern - Spielerische Förderung von 4-10 Jahren" gi fir d'éischt d'Grondlage vun der Fein- a Graphomotorik erkläert. Et ass interessant ze liesen, wéi dës Kompetenzen sech am Alter vun 0 bis 10 Joer entwéckelen. Bei de Beschreiwunge ginn et och ëmmer Fotoe vu Biller, déi Kanner an deem jeeweilegen Alter gemoolt hunn. Dat mécht d'Erklärungen nach méi gräifbar.

Dono ginn déi eenzel Aspekter beschriwwen, déi d'Kanner brauche fir d'Handgeschécklechkeet ze entwéckelen, vum Schëllergelenk bis hin zu der Fangerbeweeglechkeet, Kraaftdoséierung a Koordinatioun, fir just déi ze nennen.

Zum Schluss vum Buch si ganz kloer Uweisungen ze fannen, zum Beispill wéi eng Stëfthaltungen acceptabel sinn a wéi eng net; wéi eng Grondformen a Grondmuster viru wéi engen anere sollen ageüübt ginn; wéi Riets- a Lénkshänner hir Blieder an Hefter solle virun sech leien hunn, a wisou dat esou wichteg ass.

De gréissten Deel vum Buch geet awer op Spiller an Übungen an, fir all dës Elementer dann och mat konkretem Material ze fërderen. Vill vun dësen Aktivitéite gi souwisou an den C1- Klasse reegelméisseg gemaach, an awer kritt een hei och déi eng oder aner nei Iddi. Bal alles ass mat Alldagsmaterial ëmzesetzen, wéi Pincetten, Lastiker, Pärelen oder Mugggelsteng.

Et ass e Buch aus deem bei mir vill faarweg Post-iten erauskucken, e Buch wat ech oft opmaachen, fir eppes nozeliesen, wann ech an der Klass emol erëm en Zweifel hunn.

Vun den Auteure gëtt et och d'Verbrauchsmaterial „Geschickte Hände zeichnen 1 & 2". Perséinlech fannen ech d'Biller villäicht e bësse vereelzt, mee deen immens gutt duerchduechten Opbau vum Material hieft dat op alle Fall op.









**D'Vanessa Schetgen**
**ass Enseignante am Cycle 2**
**an der Gemeng Hesper**
**an éischt Vize-Presidentin**
**vum SNE/CGFP.**








# Babbelix

Authentesch Sproochentwécklung, Kommunikatioun, Reflexioun.



PRAXISBEISPILL

## Devinettes (Alpha F)

Français · Cycle 2 · Lire, réciter ou présenter à voix haute

### Objectif d'apprentissage

Présentation orale d'un sujet

### Tâche d'apprentissage

Réviser un texte en consultant les outils de référence disponibles

### Préparation enseignant

Trouver la réponse de différentes devinettes à trois indices
Inventer une devinette sous forme guidée (choisir une illustration, associer des affirmations)
Écrire une devinette en utilisant les affirmations choisies

### Matériel

Trampoline CP Fichier de lecture-compréhension
Fiche de travail liée à un sujet actuel étudié en classe

### Consignes pour les élèves

Invente ta propre devinette
Révise ton texte en consultant les outils de référence disponibles
Enregistre ta devinette

### Forme sociale

Individuel
Groupe de deux

### Sources / liens

Trampoline CP - Fichier de lecture-compréhension (p. 98 et 99)

Lauschtert eran

App Store & Google Play
Login via IAM


Avec vous
sur le chemin
de l'évolution
digitale
Audiovisuel - Impressions
Scanning - Finitions de documents
Solutions - I.T. - Digitalisation
Document Process Outsourcing
Services personnalisés
CK
Office
technologies
ck.lu
Charles Kieffer Group


MUSÉE «A POSSEN»
Kultur
a Geschicht vun
der Musel
Kreativ Ateliere
fir Kanner
De Musée « A Possen » bidd Themenatelieren
souwéi individuell Offeren fir Schoulklassen un.
Méi Informatiounen kritt
Dir op eisem Internetsite : www.musee-possen.lu
Ufroen a Reservatiounen op : info@musee-possen.lu
2, Keeseschgässel
L-5405 Bech-Kleinmacher (Gemeng Schengen)
(+352) 23 69 73 53


sne
éditions
Nous imprimons
pour vous en
offset & digital
- Matériel didactique
- Layout
- Flyers / Dépliants
- Cartes de visite /
Cartes de remerciement
- Affiches
- Enveloppes
- Brochures (p-à-c et dos carré collé)
- Roll-up
- Mise sous enveloppes / Publipostage
- Mise sous plastique
- Pelliculage mat et brillant
www.sne.lu • shop@sne.lu

# Fir lech, mat lech, zesumme méi staark!

## Impressum

**Rédaction:**
11-13, rue des Ardennes
L-1133 Luxembourg/Bonnevoie
sne@education.lu

**Parution:**
6 fois par an
Distribution gratuite
aux membres du SNE/CGFP
Prix d'un abonnement annuel: 20€ (+ frais d'envoi)

**Impression:**
sne éditions s.à r.l.
B.P. 2437
L-1024 Luxembourg

**Publicité:**
À envoyer à l'adresse postale.
Les tarifs sont transmis sur demande.
La reproduction d'articles, même par extraits, n'est autorisée qu'en cas d'indication de la source. Deux exemplaires justificatifs doivent être envoyés au SNE/CGFP. Les articles signés ne reflètent pas nécessairement l'avis du syndicat.

syndicat national des enseignants cgfp

syndicat national des enseignants cgfp
Contact
SNE/CGFP
Syndicat National des Enseignants
11-13 rue des Ardennes
L-1133 Luxembourg-Bonnevoie
sne@education.lu
tél.: 48 11 18-1
fax: 40 73 56

## Charte relative à politique de confidentialité des données à caractère personnel des membres du syndicat

### Qui sommes-nous ?

Le Syndicat National des Enseignants (SNE/CGFP) est la voix de la profession des enseignants de l'enseignement fondamental et de la voie de préparation de l'enseignement secondaire général au Luxembourg. Le siège du SNE est au 11-13 rue des Ardennes, L-1133 Luxembourg-Bonnevoie.

**Délégué à la protection des données**

Le SNE a désigné un délégué interne à la protection des données que vous pouvez contacter en cas de questions ou d'inquiétudes concernant les politiques ou les pratiques du SNE/CGFP en matière de données personnelles. Vous trouverez ci-dessous les coordonnées du délégué à la protection des données :

DPO / Jos Vesque - Syndicat National des Enseignants, 11-13, rue des Ardennes, L-1133 Luxembourg-Bonnevoie dpo@sne.lu

### Comment protégeons-nous vos données ?

Nous prenons la sécurité de vos données au sérieux. Nous avons mis en place des politiques internes et des contrôles pour nous assurer que vos données ne soient pas perdues, accidentellement détruites, mal utilisées ou divulguées.

### Partage et transfert des données

En vue de l'exécution de nos missions statutaires, nous pouvons être amenés à transmettre vos données personnelles aux tiers de confiance concernés tels que, et sans y être limités, les banques, la Chambre des Fonctionnaires et Employés publics, la Confédération générale de la Fonction publique, les avocats, la Sécurité Sociale ou toute entité concernée par l'un de nos évènements.

Vos informations ne sont pas envoyées en dehors de l'Europe. Nous n'utiliserons pas vos informations pour prendre des décisions automatisées qui pourraient vous affecter.

### Mise à jour de la présente Charte

Si nous étions amenés à traiter certaines de vos données à caractère personnel d'une autre manière que celles précédemment identifiées, nous vous contacterons pour vous fournir des informations à ce sujet et pour vous demander votre consentement, si nécessaire. Nous mettrons aussi à jour la présente Charte.

### Quelles sont les données que nous traitons et à quelles occasions ?

Nous traitons différentes catégories de données, à savoir :
- Données d'identification
- Données d'identification électronique
- Emploi et formations
- Coordonnées bancaires

Nous collectons et traitons vos données à différentes occasions :
- Lors de votre adhésion à notre syndicat
- Durant notre relation membre-syndicat
- A l'issue de notre relation membre syndicat

### Pourquoi traitons-nous vos données et combien de temps les conservons-nous ?

Le traitement de vos données est nécessaire à l'exécution de notre relation membre-syndicat.

Nous utilisons vos données personnelles principalement pour l'exécution de notre mission de syndicat, telle que décrite sur notre site internet, mais aussi, et sans y être limités, pour le bon déroulement de tout évènement, communication, action ou élection du syndicat.

Nous conservons vos données le temps de votre adhésion et nous nous réservons le droit de les conserver au-delà afin que nous puissions remplir certaines de nos obligations légales.

### Quels sont vos droits ?

Sans préjudice des limitations prévues par le RGPD, vous disposez d'un certain nombre de droits en vertu de la Loi sur la protection des données :

**Droit d'accès** : obtenir tant un accès qu'une copie des données à caractère personnel traitées, sur demande.

**Droit de rectification** : obtenir une rectification de vos données à caractère personnel sil elles s'avèrent être inexactes ou incomplètes.

**Droit à l'effacement** : obtenir un effacement de vos données lorsqu'il n'y a plus de motif fondé de les traiter.

**Droit à la limitation de traitement** : obtenir une limitation de traitement de vos données inexactes ou devenues inutiles.

**Droit d'opposition** : obtenir une cessation du traitement de vos données lorsqu'il n'y a pas de motifs légitimes et impérieux de les traiter.

**Droit à la portabilité** : obtenir le transfert de vos données vers un tiers dans un format accessible.

**Droit au refus du traitement automatisé** : obtenir que les données ne fassent pas l'objet d'un traitement totalement automatisé sans intervention humaine.

syndicat national des enseignants cgfp

Fir lech, mat lech, zesumme méi staark!

# Bulletin d'adhésion : *

**Je soussigné(e) :**

Nom ............ Prénom ............ Date de naissance ............

Fonction ( cf tableau en bas de page ) ............ Promotion (année) ............ Institut : IP / ISERP / UdL / Etranger ............

Commune / Localité de travail ............ Nom de l'école ............

**Domicile :** Numéro ............ Rue ............ Code postal ............ Localité ............

Adresse électronique ............ Téléphone / gsm ............

**demande par la présente mon affiliation au Syndicat National des Enseignants SNE/CGFP**

# Procuration : *

**Je soussigné(e) :**

Nom et prénom ............ Date de naissance ............ Catégorie : cf tableau ci-contre ............

**autorise par la présente le Comité central du SNE/CGFP à prélever, jusqu'à révocation de ma part le montant de la cotisation annuelle échue sur mon compte**

Compte numéro ............

auprès de CCP / établissement bancaire ............

Date ............

Signature ............

* à remplir un bulletin par personne adhérent
et à retourner au SNE/CGFP :
- adresse postale : B.P. 2437, L-1024 Luxembourg
- fax : 40 73 56
- adresse électronique : sne@education.lu


ou adhésion par voie électronique sur notre site www.sne.lu

## Tableau des cotisations annuelles SNE/CGFP pour l'année 2025 (*)

sne/cgfp : CCPLLULL LU76 1111 0226 0096 0000

| Catégorie | Fonction | cotisations SNE + CGFP = Total | Assurance Responsabilité Civile (**) |
|---|---|---|---|
| Cat. A1<br>Cat. A2<br>Cat. A3<br>Cat. A4<br>Cat. A5<br>Cat. A6 | Instituteur/trice de l'enseignement fondamental<br>Instituteur/trice de la voie préparatoire de l'EST<br>Instituteur/trice spécialisé/e I-EBS, I-DS, I-CN<br>Instituteur/trice d'un autre ordre d'enseignement<br>Chargé/e de direction, chargé/e de cours<br>Chargé/e de cours (enseignant sans concours) | 130 € + 50 € **= 180 €** | RCpr comprise |
| Cat. B | Ménage de 2 membres affiliés | 130 € + 50 € **= 180 €**<br>104 € + 50 € **= 154 €**<br>**= 334 €** | RCpr comprise |
| Cat.C | Communauté d'enseignants: | 130 € + 50 € **= 180 €**<br>104 € + 50 € **= 154 €**<br>104 € + 50 € **= 154 €** | RCpr comprise |
| Cat. E | Étudiant(e) UdL, ou institut à l'étranger: | **0 €** | --- |
| Cat. R | Membre retraité: | 50 € + 35 € **= 85 €** | --- |

(*) Suivant les statuts du SNE la cotisation est due pour le début de l'année civile. Les montants prélevés par procuration sont encaissés en principe en février.
(**) Montants assurés : 3 718 402.87€ par évènement assuré - 1 239 467,62€ pour dommages matériels. Assurances : FOYER / LA LUXEMBOURGEOISE




order@ernster.com | www.ernster.com | +352 22 50 77-1




| | |
|---|---|
| PERIODIQUE | P&T LUXEMBOURG |
| Envois non distribuables à retourner à:<br>L-3290 BETTEMBOURG | Port payé<br>PS/161 |